# Rapport Referees' Commission - 04.03.2025

Present : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Volz, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Nesser, Simonelli

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 21.01.2025***

2) ***Koordinatioun RefCom***

*D'Refcom spiert de feelende Leadership vum Patrick Simonelli an esou feelt et och munchmol un Initiativen. De Patrick huet ëmmer villes ënnerholl a war stänneg aktiv zu allen Thematike wat den Arbitrage ubelaangt. Elo wier et wichteg nees een Uspriechpartner ze hunn, deen dës Chargen zum Deel kéint iwwerhuelen, bis dass de Patrick zréckkënnt. D'RefCom schléit den Denis Weinquin fir, Den Denis ass averstanen, dës Charge, provisoresch, fir de Rescht vun dëser Saison 2024-2025 ze iwwerhuelen.*
*Weider gëtt et och eng gewësse Problematik vun der Representativitéit vun den Arbitter am CA, well de Patrick, an doduerch d'Stëmm vun den Arbitter gewëssermoosse feelt. D'Refcom freet dowéinst den CA, dem Denis Weinquin bis op Weideres ze erlabe bei de Reunioune vum CA dobäi ze si, fir a Plaz vum Patrick den Arbitrage ze vertrieden.*

3) ***Final4***

*D'RefCom huet an Däitschland, Frankräich a souguer an de Schwäiz nogefrot fir een EHF Lekturer fir den FLH Final4 ze kréien. Leider war do kee méi disponibel. Och op Nofro bei der EHF, konnt kee Lekturer fonnt ginn, deen Däitsch oder Franséisch schwätzt. Eng lescht Hoffnung war den Arbitterchef aus der Belsch, den awer warscheinlech och ofsoe muss.*
*De Plang war fir Samschdes Moies e Cours + eng Video-Analysen ze maachen.*
*Un Delegué sinn disponibel fir de Final4: Leon Donven, Francis Keiffer (Samschdes), Claude Weinzierl, Arsène Welter (Samschdes). Fir Jugend-Finale wieren dann och nach den Denny Bierchen an de Romain Lentz disponibel (falls si do net päifen)*
***Well d'Zuel vun den Delegué an d'Asazméiglechkeeten net grad grouss sinn, freet d'RefCom den CA, fir de Paul Nesser (EHF Delegué) fir d'Hären- an Damen-Finalle fräi ze stellen**.*

4) ***Austausch mam Ausland***

*Den Denis Weinquin huet Kontakt mat Éisträich fir ze kucken, op et iwwerhaapt dëst Joer nach méiglech ass well d'Enn vun der Saison ëmmer méi no kënnt.*
*Hie freet e puer Koppelen no hirer Disponibilitéit a Motivatioun fir op Wien ze goen, falls dat dës Saison nach méiglech wier. Hei waarde mir och nach op eng Äntwert aus Éisträich. Wann net, wier et fir Oktober 2025, wat scho mat den Éisträicher ausgemaach gouf.*
*Een 2. Austausch ass mat Süd-Dänemark ugefaange ginn. Hei krute mir elo schonn eng Ufro fir Arbitter fir Jugendturnéier den 13-14 an den 20-21 September 2025. E stännegen*

*Austausch kéint da mat der 2. an 3. Dänescher Divisioun wéi och am Jugendberäich ugefaange ginn.. D'Detailer ginn nach ausgeschafft. Interesséiert Arbitter fir de September kënnen sech awer scho beim Paul Nesser mellen.*

5) ***Organisatioun Cours***
- *Formation continue*

*E Cours fir all d'Arbitter ass de Samschden de 5. Abréll 2025 um 09h30 an der Maison des Sports zu Stroossen.*

- *Summerstage fir all Arbitter (23.-24.08.2025)*

*D'RefCom ass am Gaangen de Stage fir de Summer ze preparéieren. Well de leschte Weekend vum August schonn de Supercup ass, ass de Stage den 23. a 24. August 2025. De geneeë Programm, wéi och d'Plaz wou de Stage ass, gëtt kommunizéiert soubal et definéiert ass. De Francis Keiffer freet beim Sponsor no.*

- *Arbitter-Coursen*

*Aktuell ee B-Schäin ze organiséiere mëscht wéineg Sënn. D'Refcom wäert eng weider C-Formatioun an der Saison 2025-2026 proposéieren.*
*D'Besetzungskommissioun kuckt och, fir déi praktesch Exame fir déi aktuell Kandidaten ze programméieren..*

6) ***Delegué***
*Eng Versammlung fir all Delegué an Delegué-candidats ass an der Preparatioun. Dëst ass wichteg, fir eng méi kloer, gemeinsam an harmonesch Richtlinn ze hunn.*
*Och den Exame fir déi nei Kandidate gëtt am Moment koordinéiert.*

7) ***Matcher an der Coque – Tickets fir Arbitter***
*D'Arbitter hunn nach ëmmer fräien Entrée bei de Matcher an der Coque. Fir awer d'maximal Kapazitéit vun der Coque anzehalen, mussen dës Tickete ab elo per Formular ugefrot ginn. Et ginn normalerweis och just Stéiplazen. Fir net ausverkaafte Matcher kéint eng Ausnam gemaach ginn. Mat dem Gratis-Ticket hunn d'Arbitter keen Zougang zum VIP Beräich.*

8) ***Arbitter Resultater Tester Playoff a Nominatiounen***
*Leider hunn e puer Arbitter net déi néideg Resultater an den Tester erreecht, a ginn dofir fir de Rescht vun der Saison net mei an den AXA-Leaguen agesat. Hei geet et net drëm een ze bestrofen. D' RefCom ass sech bewosst, dass dëst d'Besetzungen net méi einfach mécht, an et gëtt no enger akzeptabeler Léisung gesicht.*

*D'Nominatioune fir d'Arbitter sinn an der Lescht relativ spéit erauskoumen, wat et den Arbitter net einfach mécht hier d'Privatliewen ze organiséieren. Dëst ass dës Saison leider virkomm, well ëmmer nei Spillprogrammer erauskomm sinn, an d'Besetzungskommissioun d'Datumer vun de Matcher och réischt spéit krut. Hei misst fir d'nächst Saison eng besser Léisung fonnt ginn.*

9) ***Divers***

*Zu Prag ginn eis Arbitter op 2 Halen opgedeelt. D'Noémie Keiffer huet sech ëm d'Ausrüstung vun den Arbitter gekëmmert. Et gëtt dovunner profitéiert fir all de Lëtzebuerger Arbitter eng Tenue zur Verfügung ze stelle fir op d' Matcher ze fueren.*

*Wéinst grousser Nofro, huet de Francis Keiffer de 6. Mäerz nach e Cours Secrétaire-Chronométreur gehalen.*

*E Cours fir „jeune arbitres" gëtt den 22. Mäerz beim HBD organiséiert, an de Francis Keiffer ass och am Kontakt mat Esch. T-Shirte fir d'"jeunes arbitres" sinn och verdeelt*

**Nächst RefCom: Dënschden de 8. Abrëll 2025 um 18h30 zu Stroossen.**